PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Parlamentaresch Fro n°4045 huet d'Gesondheetsministesch erkläert:

> *"Am Joer 2020 krut d'DPM am Duerchschnëtt 50 bis 60 Notifikatioune pro Mount iwwer Indisponibilitéite vu pharmazeutesche Spezialitéiten, déi vu Firmen deklaréiert goufen a fir déi an der grousser Majoritéit vun de Fäll Alternativen existéieren."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill pharmazeutesch Spezialitéite waren der DPM no den **1.01.2021** als indisponibel gemellt (an absolutten Zuelen)?
2. Wéi vill pharmazeutesch Spezialitéite waren der DPM no den **1.03.2021** als indisponibel gemellt (an absolutten Zuelen)?
3. Wéi vill pharmazeutesch Spezialitéite waren der DPM no den **1.05.2021** als indisponibel gemellt (an absolutten Zuelen)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député